**N° 4218**
Reçue le 04.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.05.2021

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Laut der Police Statistik, déi de 26. Mäerz 2021 publizéiert gouf, goufen 2020 zu Lëtzebuerg 420 Leit net nëmmen Affer vun Iwwerfäll, mee dobäi och nach kierperlech verletzt. Zousätzlech kruten 153 Leit hiren Handy an/oder hir Simkaart geklaut.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister.

1) Wéivill vun dësen Iwwerfäll goufen opgekläert?
2) A wéiville Fäll koum et zu enger Verurteelung duerch d'Justiz?
3) Wéi eng Täterprofiller hunn sech erginn?
4) Wéi verdeelen sech dës Iwwerfäll op déi eenzel Gemengen?
5) Kann d'Regierung eenzel Plazen nennen, wou et besonnesch vill Iwwerfäll gouf?
6) Wéivill vun dëse Gewaltaffer hu missen an d'Spidol ageliwwert ginn?
7) Wéi erkläert d'Regierung, datt dës Zuel trotz den Ausgangsbeschränkungen am Kader vun de COVID-Aschränkunge par Rapport zu 2019 souguer nach geklomm ass?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 07 JUIN 2021

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Dossier suivi par :
Francine May
247- 84687
qp@msi.etat.lu

**<u>Objet</u> : Question parlementaire n° 4218 du 4 mai 2021 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-74610
Fax (+352) 247-94678

www.gouvernement.lu/msi
www.luxembourg.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz zu der parlamentarescher Fro n° 4218 vum éierbaren Deputéierten Här Fred Keup**

**Ad 1):**

Et gi nach keng Statistiken wéi vill Iwwerfäll opgekläert gi sinn. Et kann een awer soen dat vun deenen 420 "vols avec violences accomplis" (Déifställ mat Gewalt) aus dem Joer 2020, an 154 Affären op mannst eng "personne susceptible d'avoir participé à une infraction" vun der Police identifizéiert ginn ass. Dës Persoune profitéieren awer och vun der "présomption d'innocence" (Onscholdvermuddung)

**Ad 2):**

An den Affären, déi am Joer 2020 opgemaach gi sinn, sinn 25 Persounen an éischter Instanz jugéiert ginn. Dobäi sief vermierkt dat keen acquittéiert ginn ass.

Mat engem Verweis op eis Äntwert op d'parlamentaresch Ufroen n° 4123 an n° 4124, sief och hei vermierkt dat et nach ze fréi ass fir eng komplett Iwwersiicht vun de Verurteelungen ze hunn.

Et bleift och ze ernimmen dat d'Joer 2020 duerch d'Pandemie gezeechent war an doduerch een gewësse Retard an d'Affäre komm ass, notamment well tëscht Mëtt Mäerz an Ufanks Mee keng Audienzen ofgehalen gi sinn (ofgesin vun den Urgencen, Détenus- an Jugendschutz Affären) an och duerno, duerch déi verschidden sanitär Restriktiounen, een net direkt konnt am gewinnten Rhythmus weiderfueren.

Betreffend déi Fäll, déi am Joer 2020 opgemaach gi sinn an wou et och schonn an éischter Instanz zu enger Verurteelung komm ass, fannt dir hei drënner eng Opleschtung no Alter an Geschlecht.

| Alter | 2020 |
|---|---|
| 18 - 29 | 12 |
| 30 - 39 | 6 |
| 40 - 49 | 4 |
| 50 - 59 | 1 |
| Onbekannt | 2 |
| **Total** | **25** |

| Geschlecht | 2020 |
|---|---|
| Fraen | 3 |
| Männer | 22 |
| **Total** | **25** |

**Ad 3) :**

Um Niveau vun den Justizautoritéiten an der Strofverfolgung, gëtt et keen Zerwiss deen sech mat kriminologeschen Analysen respektiv mat Täterprofiller beschäftegt. De Profil vum Täter ass och keen Krittär deen bei der Poursuite eng Roll spillt.

**Ad 4):**

Vun deenen 420 "vols avec violences accomplis" aus dem Joer 2020 ass den Undeel (a Prozent vum Total) vun den Faiten an deenen 5 relevantste Gemengen am folgenden Tableau opgeläscht:

| Vols avec violences 2020 | |
|---|---|
| **Commune** | **Faits en % du total** |
| Luxembourg (population 122 273) | 51% = 214 faits |
| Esch/Alzette (population 36 218) | 10% = 42 faits |
| Differdange Population 27 409) | 5% = 21 faits |
| Dudelange (population 21 291) | 4% = 17 faits |
| Pétange (population 19 574) | 4% = 17 faits |

Source: STATEC et Police Grand-Ducale

**Ad 5):**

Den Detail vun den Zuelen gëtt um lokale Plang an de Comités de prévention duerch a mat de lokalen Autoritéiten analyséiert. Eng generell an automatiséiert Statistik besteet do net.

**Ad 6):**

Heiriwwer féieren d'Police an d'Justizautoritéite keng Statistiken.

**Ad 7):**

D'Police-Statistike gi generell eng Tendenz erëm. Et stellt ee fest, dass d'Zuel vu "Vols avec violences accomplis" am Joer 2020 an der nämmlechter Gréisstenuerdnung läit, wéi déi Jore virdrun. D'Ausgangsbeschränkungen respektiv de Lockdown hunn nëmmen en Deel vun der Zäit am Joer 2020 gegollt a waren och ni absolut. Op verschidde Phenomener hu sou Ausgangsspären wéineg Afloss.